# E KOMESCHE VIRDRAG

fir zwou Persounen

1. Ech sollt haut e Virdrag halen
Wéi der iéch hutt ze verhalen
Wann èr Kanner krank mol gin

2. Mé Madame, dat kann net sin...
Ech sollt dach lo hei optrieden
Iwer d'Wäsche, d'Bigle rieden,
a vill aner Sachen nach...

1. Ah, da kréie mir lo Krach...
Ass ass awer formidabel...

2. Mé Madame, sidd raisonnabel,
Lo get dat esou gemach:
Dir fängt un mat èrer Sach
an déi èrt da wöllen héieren
brauchen sech net drun ze stéieren,
wann ech meint derzweschent soen
Fängt gleich un, et wärt scho goen...

1. Kanner, déi sech licht erkalen,
si gudd warem anzehalen...

2. Wann èr Wäschmaschin net geet
Sidd dan net direkt am Leed
Lauschtert gudd lo .op mei Rot
A macht èr Wäsch op des Method:
Fir eng schéin weiss Wäsch ze machen,
sicht beihand èr schmotzeg Sachen

1. Hun se d'Gripp mat Houscht a Schnapp,
hun se Féiwer, Hetzt am Kapp...

2. Stiécht se an Henkoswasser an,
Losst s'eng Nuecht gudd weechen dran,
dass eraus zitt Schmotz a Fett...

1. Leet se dann direkt an d'Bett,
Gitt en Téi vu Lannebléien,
Fir s'un d'Schweesse gleich ze kréien
Duerch de Schwéss zitt d'Gripp eraus...

2. Dréint se muerges gudd fest aus,
reift mat Seef dat Knaschtegst an
Stiécht s'a Persilswasser dann,
Kacht se e puer Minutte lang...

1. Huet dann d'Schweessen ugefang,
Losst s'e béisschen soulleien,
ma vergiésst mer dat heien:
dass et schnell muss virun goen
Fir se anescht unzedoen,
dat se sech net frösch erkalen...

2. Ouni iéch dann opschalen,
huelt vum Feier se erof
Spullt iech alles propper of
Losst e besschen se verkillen...

1. Da musst dir de Bols nach fillen
An sou könnt dir schon gesin
Op et besser och ass gin
Halt s'en etlech Deg gudd an ...

2. Réift se iwer d'Wäschbried dann
Duerno, gleich an d'Wasser zappen
A mam Bleil gudd fest drop klappen,
Sou geet d'Seef eraus ganz gudd

1. Wann dir si esou weit hutt
Dass se raus nés könne goen
Musst der warm un se doen..
Well se sin empfindlech dann...

2. Werft s'a wodlecht Wasser ran
Schwenkt se gudd, an dréint se aus
Henkt s'an d'Loft op d'Dréit eraus
An dann ass är weiss Wäsch färdeg...

1. Sin är Kanner net ganz ärdeg,
An dir wösst net wat et ass,
Gitt gleich op den Dokter lass.
Huet hien d'Iwel iech gesoot
Da befollegt gleich se Root...

2. Huelt se hallef fiicht eran,
datt een se schéi bigele kann
Falt se da schéi propper op...

1. Passt op d'Kanner emmer op,
Datt se sech ké Léds undoen..
T'muss een si ganz gudd verstoen..
An da sin s'och emmer brav...

2. An da leet der s'an de Schaaf...

(J.St.)